



Zäitschrëft vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten

schwätz mat!
DENG MEENUNG ZIELT

De Platte Knuet

N°2 2015-2016



©POUPART | RAOUL



**Fir mech, fir dech,
fir eis a fir jiddereen!**

Ëmwelt an Développement



Scoutstechniken

Poster mat Scoutstechniken



Spiller a Rätselsäiten

fir Dech a fir jiddereen




Ee grouse Merci un eis Sponsoren

Gutt ënnerwee!



Informatioun a Reservatioun
Sales-Lentz, Ären Expert fir Bus-Locationen
☎ (+352) 26 65 11
(Méindes bis Freides 8.00 - 17.00)
www.sales-lentz.lu



Sales-Lentz
moving people



Editorial

Luc Frantzen, Member vum RAP-Grupp

Léif Memberen, Léif Elteren,

Wéi de Robert Baden Powell 1907 op der Brownsea Insel an England deen éischte Scoutscamp organiséiert huet, konnt hie kaum virausgesinn, dass aus dem Grondsteen vum Scoutissem, deen hie geluescht huet, géng dat gréisst Jugendmouvement vun der Welt entstoen. Um Camp ass et moies um 6 Auer mat Frühsport, Gebiet an Fändelropzéihen ugaang. Donieft stounge verschidden Aktivitéiten wéi Opriichten, Camp-techniken, Beobachten, Holzaarbeschten, sech an der Ritterlechkeet üben, Liewe retten, Patriotismus a Spiller um Programm. Den BP huet deemools bestëmmt net un d'Gesellschaft an de Scoutissem am Joer 2016 geduecht. Wa mir eis haut säi Programm ukucken, stelle mir fest, dass verschidde vun dësen Aktivitéiten net méi ganz zäitgeméis sinn, an awer orientéiere mir eis am Groussen a Ganzen ëmmer nach un där nämmlecher Iddi. Eist Mouvement huet sech an all deene Joere stark weiterentwéckelt, mee no iwwer 100 Joer ass de Moment komm, eise Programm an eis Method emol méi systematesch z'iwwerdenken.

Dofir ass eise Verband ass am gaangen durch déi verschidde Schrëtter vum RAP ze goen. Den RAP steet fir Renewed Approach to Program, mat anere Wieder, eise Programm soll iwwerduecht ginn. Mat eise Methoden an Aktivitéiten ass et wéi mam Programm vum éischten Camp, et ass sécherlech net alles schlecht, wat schonn zënter esou ville Joer zum Erfolleg vun eise Mouvement bäigedroen huet. D'Zil vum RAP ass et also net alles iwwer Bord ze geheien, mee vill méi geet et drëms eng Bestandsopnahm vun eiser Gesellschaft ze maachen, fir eis Aktivitéiten besser un d'Wësch an d'Bedürfnisser vun deene Jonken unzepassen. An der Toolbox, déi vun eise Daachverband WOSM opgestallt gouf, ass genau beschriwwen, wéi e Verband un esou ee groussen Schrëtt soll erugeen. (ze fannen ënner www.scout.org)

Ugefaangen hu mir mat enger grousser Ëmfro, déi mir esou wuel bei eise Memberen, wéi och ausserhalb vun de Scouten durchgeführt hunn, fir erauszefannen, wat déi Jonk, eis Chef an och d'Gesellschaft haut vun de Guiden a Scouten erwaarden. De perséinleche Challenge, Aktivitéiten dobaussen, sech kreativ a selbstänneg um Programm bedeelegen, wéi och d'Internationalitéit an d'Frëndschaft ware Punkten, déi eise Membe-re besonneg wichteg waren. Mat Hëllef vun dëse Resultater hu mir eis edukativ Ziler opgestallt.

Am RAP si 5 Beräicher vun der perséinlecher Entwécklung definéiert: déi kierperlech, geeschteg, emotional, sozial a spirituell, déi zesummen d'Perséinlechkeet ausmaachen. Op Basis vun dëse Beräicher ginn déi perséinlech Ziler festgehalen, déi all eenzelne bei de Guiden a Scouten soll erreeche kënnen, fir esou besser op d'Liewen, sief et privat, am Beruf oder an eiser Gesellschaft virbereet ze ginn. Desweidere sollen d'Methode vun deene verschiddene Branchen besser op eneen ofgestëmmt ginn.

Mat Hëllef vun dësen Ziler si mir lo am gaangen mat de verschiddene Branchenekippen zesummen un den Aktivitéiten ze schaffen, déi et eis erméiglechen, eiser Missioun als edukativt Jugendmouvement gerecht ze ginn an jidder Member ee flotte Programm mat vill Ofwiesslung ze bidden. Och wann de RAP bis zum Camp 2017 vläicht nach net ganz



ofgeschloss ass, fléissen déi néi Iddi awer scho staark mat an. De Scoutissem soll fir jidderen zougänglech sinn a jideregem Spaass maachen an donieft zu enger besserer Welt bäidroen, deem Sënn:

Fir dech, fir mech, fir eis, fir Jidderen

Le mouvement des guides et scouts a profondément évolué au fil des dernières décennies. Alors que nos valeurs et principes fondamentaux sont toujours les mêmes, certaines activités proposées à l'époque ne sont plus actuelles. L'idée derrière le RAP (Renewed Approach to Program) est celle d'élaborer une nouvelle vue du programme proposé. Dans le RAP, le développement personnel de chaque membre est défini au niveau des cinq domaines suivants: physique, intellectuel, émotionnel, social, spirituel et le développement de la personnalité. A base de ces domaines, des objectifs individuels sont définis et doivent être atteignables pour tous nos membres et leur offrir un programme attrayant et diversifié.



Alice am Wonnerland

Suessem Scoutstheater

D'Alice am Wonnerland, en immense Succès!

D'Alice, d'Kanéngchen, d'Grinsekaz, den Humpty Dumpty, den Henker, d'Häerzkinigin an all déi aner: 30 Wëllefcher an AvEx hunn hirt Beschte gemeet als Akteur, Statist, Dänzer... Ronderëm d'Brigitte an d'Lena an der Regie hunn d'CaraPio an d'RaRo geflüstert, Kostümer gebitt, gebastelt, d'Bühn gebaut, d'Beliichtung gemeet an maquilléiert. Eng super Aarbecht vun der ganzer Chefequip an eise Frënn vun den Guiden a Scouten, déi iwerall hëllef, wou se gebraucht ginn!

**LGS Ste Catherine Suessem invitéieren iech elo schons fir t'next Joer:
21.+22. Januar 2017!**



Funky Donkey Festival

Klierf, den 12. September 2015

No deem iwwerzeegende Start 2014 hu vill Leit gehofft a gewaart, datt et eng Fortsetzung vum Funky Donkey Festival wäert ginn. Den 12. September war et du esou wäit. Vun 13:00 un, hunn 16 Musekgruppen op 2 Bühnen Klierf zum Danzen, Grooven an Ofgoe bruecht. Sou sinn trotz Reen erëm méi wéi 1.000 Leit bei de Klierfer Scoutschalet komm, fir Deel vun dësem aussergewöhnlechen, lockeren a fuerchtbar gemittlechen Event ze sinn.

Nieft der gudder Erënnerung un d'lescht Joer wäert fir vill Leit och den attraktive Programm ee Grond gewiescht sinn, dëse Funky Donkey Festival net ze verpassen.

Déi wäit iwwer d'lëtzebuerger Grenzen eraus aktiv a bekannt Gruppe Say Yes Dog (D/L) an The Sore Losers (B) hu fir internationale Flair zu Klierf gesuergt. Fir d'Electronic-Pop Grupp vu Say Yes Dog war et den Optakt zu enger Europa-Tour déi si duerch déi ugesotste Club's feiere sollt, fir hiren éischten Album virzustellen. Dëst, während The Sore Losers mat hirem klassesche Rock an deene leschte Joere Festivalerfahrung ënner anerem um Rock Werchter an Pukkelpop gesammelt hunn an nom Funky Donkey direkt weider a Japan getourt sinn.

Fir de Rescht huet de Festival, wéi dat Joer virdrun, virun allem lëtzebuerger a regionale Gruppen eng Méiglechkeet gebuede, fir sech an hier Musek ze presentéieren. Dobäi si virun allem The Disliked ze nennen, déi sech dëst Joer mat engem neien Album androcksvoll aus hirer Paus zréckgemellt hunn a mat hirer Mëschung aus Punk, Reggae a Ska d'Bühn zum Liewe bruecht hunn.

Nieft deenen 3 Headliner hunn déi aner Gruppen dofir gesuergt, datt all musikaesche Goût zerwéiert gouf, sief et Hip Hop, Country, Metal oder Electronic.

Vilfalt war awer net nëmmen op dee musikaesche Programm begrenzt. Och beim Eessen an Drénke konnten d'Visiteuren sech un engem groussen Angebot erfreeën. A fir datt och wierklech fir jiddereen eppes dobäi war, gouf et och rëm eng eege Kids-Zone. Hei konnten all déi méi Jonk an all déi, déi sech sou fillten, Bastelen, op enger Slack-Line balancéieren oder um Funky lesel reiden.

Wéi lescht Joer scho geet och dës Kéier dee gréissten Deel vum Profit un d'ONGD vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten!

An fir all déi, deenen et grad fuerchtbar leed deet net dobäi gewiescht ze sinn an all déi aneren natierlech och:

10. September 2016

Dann ass déi 3t Editioun vum Funky Donkey Festival zu Klierf beim Scoutschalet.

Spéitstens bis dann.



JOTA / JOTI

Beetebuerg

Léif Guiden a Scouten, léif Amateurfunker,

dëst Joer war de Jamboree on the Air an de Jamboree on the Internet vum 16.-18. Oktober. Et hunn 9 JOTA an 11 JOTI Statiounen matgemaach mat 160 Kanner, Chef an Amateurfunker.

Dëst Joer wollte mir fir déi éischte Kéier eng bestëmmt Kommunikationsmethod ervirhiewen. An zwar war et fir de JOTA 2015 den **SSTV**. SSTV steet fir Slow Scan TeleVision an ass eng Method fir Fotoen iwwert Funk ze verschécken. Dëst ass eng analog Betriebsaart, an där d'Bild Zeil fir Zeil ofgetaascht an verschéckt gëtt.

All eis Guiden a Scoutsgruppen, déi um JOTA matgemaach hunn, haten sech och gutt preparéiert an hunn äifreg Fotoen hin an hier geschéckt. Virun allem huet een dëst beim nationalen JOTA Spill gesinn, wou et haaptsächlech drëms gaangen ass, Fotoen iwwert SSTV auszetauschen an sou verschidden Hiweiser ze sammelen. D'Spill war awer sou organiséiert ginn, dass och Guiden a Scoutsgruppen matmaachen konnten, di just beim JOTI derbäi waren:

D'Gruppen vum JOTA

LX1JAA, LGS St. Paul Bieles
LX1JA, LGS Abbé Pierre Beetebuerg
LX1JAC, LGS St. Benoit Cliäref
LX1JAD, FNEL Greng Scouten Diddeleng
LX1JA, FNEL Wëll Säi Steesel
LX1JAJ, LGS St. Hubert/SteBernadette Stengefort
LX1JAZ, FNEL Mamer Wiselen
LX1JBA, LGS Äischener Scouten
LX1JAM, Zentral Statioun JOTA-JOTI Spill

D'Gruppen vum JOTI

LGS Saint Pierre Äischen
LGS Abbé Pierre Beetebuerg
LGS St. Paul Bieles
FNEL Greng Scouten Diddeleng
FNEL Peaux Rouges Diddeleng
FNEL Bisons Futés Fréiseng
LGS St. Alphonse Lëtzebuerg
FNEL Mamer Wiselen
LGS Hl. Mäerten Sandweiler
FNEL Wëll Säi Steesel
LGS St. Hubert / Ste Bernadette Stengefort

Dëst war erëm wéi all Joer een onvergessleche Weekend, mat villen nationalen an internationale Kontakter, wou mir vill nei Leit konnten kenneléieren.

An der Hoffnung, dass du oder däi ganze Guiden a Scoutsgrupp nächst Joer mat derbäi ass wënschen mir lech

73, an d'lénks Patt

Scouting in Luxembourg – Arbeschtsgrupp „Alexander Graham Bell“
AK, www.jotajoti.lu





Funkraid 2016

National Aktivitéit



De Nuetsfunkraid war dëst Joër um Neihaischen vum 9.- 10. Januar 2016. 55 Participanten hunn de Challenge opgeholl, fir vun 18Auer bis 6Auer duerch d'Nuecht ze trëppelen, ausgerüst mat Funk, Kaart a Kompass. Samsdes mëttes sinn d'Gruppen ukomm a hunn ee klengen Opfrëschungscours a punkto Kaart a Kompass kritt. Nodeems si nach eng genau Erklärung zur Funkprozedur kruten, hu mir eng gutt Spaghetti giess. Um 18Auer ass et lass gaang mat enger Kräizpeilung. Dono missten si a klenge Gruppen hire Wee duerch d'Nuecht fannen. Verschidde Gruppe wollte méi vum Land gesinn an hu méi ee groussen Tour gemaach. Alles an allem ass jidderee rëm gutt um Neihaischen ukomm. Vill Succes huet de Nuetsfunkraid, dofir haalt d'Aan op fir dee nexten a mellst iech mat Zäit un. D'Plaze si limitéiert an ëmmer voll besat. Merci un déi motivéiert Gruppen, déi matgemeet hunn.

Är CaraPio-Ekipp



De Weltscout Ëmweltprogramm



De Weltscout Ëmweltprogramm (WSEP) offrëiert Methoden, Ressourcen an Iddie fir all déi Scoute ronderëm d'Welt, déi zesummen un enger verbesserter Natur an Ëmwelt schaffen. Fir hier Méi ginn si mat engem flotte Badge ausgezechent. De Badge soll all Guiden a Scouten encouragéiere fir nozedenken, méi am Sënn vun der Natur ze liewen a konkret Aktiounen starte fir si ze schützen. De WSEP schafft mat 5 Themeberäicher:

- Proppert Waasser a Loft
- Eng Plaz fir all Planz an Déier
- Geforen duerch Gëftstoffer
- Ökologesch Praktiken
- Naturkatastrophen an Ëmweltrisiken

Method

Ee flotten a virun allem flexibele Programm bitt fir Guiden a Scoute vun all Alter eng Unzuel un interessanten an interaktiven Aktivitéiten un, fir méi iwwert d'Ëmwelt ze léieren an Aktiounen ëmzesetzen. Dës

Aktivitéite kënnen fräi vun der lokaler Trupp am Kader vum Programm ausgeschafft ginn oder aus der Lëscht vu de fäerdegem Aktivitéiten erausgesicht ginn, déi dir bei WSEP an der Spillbox am Chefdeel online fannt.

Programm

De Programm besteet aus zwee Deeler, "Erliewen a Nodenken" an "Aktiv Hëllef".

Erliewen a Nodenken:

Bei dësen Aktivitéite geet et virun allem drëm d'Natur ze verstoen, d'Problemer vun der Verschmutzung méi nozebréngen an iwwer Léisungen nozedenken.

Aktiv Hëllef:

Hei geet et drëm, zesummen eng Aktivitéit als Projet auszuschaffen an auszuféieren, déi am Kader vun engem Komet, Expeditioun oder Entreprise iwwert méi ewéi eng Versammlung leeft. Et geet drëm konkret eppes fir d'Ëmwelt ze maachen.

Umellung

Ier ee Grupp oder eng Branche vun engem Grupp beim Weltscout Ëmweltprogramm mat mécht, sollen si virdrun d'Fiche "WSEP – Umellung" ausfüllen an an d'Géisserei Verbandssekretariat schécken. Dës Formulaire fann dir online am Internationalen Deel op: lgs.lu/international.

Déi flottst Aktivitéite ginn herno mat der Remise vum "Weltscout Ëmweltbadge" ausgezechent




Op der nächten zwou Säiten gesäis du puer Tipps, wat een am Alltag fir d'Ëmwelt maache kann. Wann een e bësse besser oppasst z. B. beim Akafen, dat ka scho viles bewierken.

Hutt dir an ärem Grupp schonn eppes fir d'Ëmweltschotz gemaach, schéckt eis eng Foto oder e klengen Artikel op platteknuet@lgs.lu!



Fir mech, fir dech, fir eis, fir jiddereen

Ëmweltfrëndlech akafen



Wees du wéivill Waasser
gebraucht gëtt fir e Blat
Pabeier ze produzéieren?

Wees du wéi laang et
dauert, bis eng Béchs
ganz zerfällt?

Wees du wéi vill Plastik
all Joer weltwäit an Oze-
anen an am Mier landt?

Am **Pistebichelche** vun de Wëllefcher fanne mir an der DARZEE-Pist de Schrëtt: „Ech kann ëmweltfrëndlech akafen a weisen déi Erwuessen drop hin“.Op dëser Säit proposéiere mir dir puer Iddien, wéi s du dëse Schrëtt praktesch ëmsetze kanns!

Bei ville Produkter, huet d'SuperdrecksKëscht e „Label“ entworfen fir de Leit ze weisen, wéi eng Produiten am Rayon méi ëmweltfrëndlech si wéi anerer. Wann s du an de Buttek gees, pass op dëse Label op a probéier déi Saachen am plaz vun aneren ze kafen.



De Plastikutemonster



Denk drun ëmmer e Kuerf oder eng Ökotut matzehuelen, wann s du akafe gees.



Glasverpackungen si besser wéi Plastikverpackungen.
Eng grouss Verpackung ass besser wéi vill klenger.

- 1) Kaf Uebst a Geméis wat bei eis an der Géigend wisst (d.h. zu Lëtzebuerg an an eisen Nopeschlänner).
 - 2) Kaf d'Uebst a Geméis no hirer Saison (keng Orangen, Drauwen a Kabes am Fréijoer), dofir elo éischer Spargelen, Äerdbier ...
- An de Butteker steet ëmmer dobäi aus wéi engem Land d'Uebst&Geméis kennt, do misst et also ganz liicht si fir den Ënnerscheid ze maachen!



Kaf recycléierte Pabeier! Dee gëtt aus alem Pabeier hirstallt. Fir neien, ganz wäisse Pabeier ze maachen, mussen dogéint Beem ewechgemaach ginn.



Du kanns natierlech net alleng decidéieren, wéi eng Saachen deng Elteren akafen, mä du hues hei scho vill Saachen iwwer ëmweltfrëndlecht Akafe geléiert! Probéier deng Famill, heiansdo dorop hinzeweisen. A wann de Pappa am Buttek Spullmëttel kafen wëll, an du gesäis d'Schëld vun der SuperdrecksKëscht mam „Clever akafen“, da kanns du däi Pappa bestëmmt froe fir emol dat Spullmëttel ze kafen.

A wann s du an deng Famill an Zukunft probéiert méi regelméisseg ëmweltfrëndlech anzekafen, dann ass dat herno fir jidderee gutt. Fänk DU kleng un, fir dass et duerno ëmmer méi Leit wëssen, an et eiser Ëmwelt an Natur besser ka goen!

- Opléisung vun de Froen:
1. Fro: Ee braucht 10 Liter Waaser.
 2. Fro: 100 Joer
 3. Fro: 10 Millionen Tonnen

Iddie-Këscht

Fangerfaarwe selwer maachen
Ouschtereeër fierwen

Wat brauchst du ?

$\frac{1}{4}$ Taass Maisstärkt
2 Tase kaalt Waasser
Liewensmëttelfaarwen
Ee Kachdëppen
E puer Dëppercher

Vill Spaass beim Molen!

Esou geet et:

1. D'Maisstärkt an d'Waasser an engem Dëppe mëschen.
2. Duerno muss dat Ganzt op der Kachplack kachen, bis et age-
deckt ass. Du muss dauernd am Dëppe réieren, soss ginn et
Knuppen.

Opgepasst: Fro een Erwuessenen, dass hien dir dobäi hëlleft!

3. Wann et eng déckflësseg Mass ass, da looss alles ofkillen
(ca. 15 Minutten).
4. Wann alles kal ass, da fëll et an e puer kleng Dëppercher.
5. An all Dëppche mëss du eng aner Liewensmëttelfaarf an du
réiers nach eng Kéier.
6. Elo hues du ganz natierlech Fangerfaarwen.



Ouschtere steet virun der Dier!

Et ass also och nees héich Zäit fir Ouschtereeër ze fierwen. Mir
erklären dir heii, wéi s du mat ganz natierleche Produkter Ousch-
tereeër fierwe kanns.

Esou geet et:


1. Sich der eng Faarf eraus a lee dat passend Naturprodukt an
en Dëppen. Dono kommen d'Eeër dobäi an alles gëtt mat
Waasser bedeckt.
2. Wichtig: Benotz fir all Faarf en anert Dëppen.
3. Dat Ganzt muss elo op der Kachplack 20 Minutten laang ka-
chen.
4. Opgepasst: Fro een Erwuessenen, dass hien dir dobäi hëlleft!
5. No 20 Minutte muss een d'Eeër eraushuelen an se an en
hëtzeft Dëppche leeën. D'Flëssegheet aus dem Dëppe gëtt
iwwert d'Eeër geschott, sou dass se ganz iwverdeckt sinn. Fir
méi eng schéi Faarf ze kréien, schëtt een nach e grouse Läf-
fel Esseg dobäi a léisst dat ganzt nach fir op mannst 4 Ston-
nen (am Beschten iwwer Nuecht) an der Flëssegheet zéien.
6. Dono ginn d'Eeër aus der Flëssegheet erausgehol an dréchn
gelooss. Fir méi eng intensiv Faarf ze kréien, ginn d'Eeër zum
Schluss nach mat e bëssen Ueleg ageriwwen.

Vill Spaass wënscht Iech d'Biber-Ekipp!



Wat brauchst du ?

Eeër (am beschten wäiss Eeër)
Ee Kachdëppen pro Faarwtoun
Esseg, Ueleg
E puer hëtzeft Dëppercher
fir déi verschidden Faarwen (pro 1
Liter Waasser) :
Gréng : Spinat (500g)
Rout : Roude Kabes (500g)
Orange-Giel: Kurkuma (1-2 EL)
Blo-Lila : Heidelbeeren (2 Gräpp
voll)
Rosa-Rout: rout Rommelen (1-2
Stéck)
Routbrong : Enneschuelen (3 Gräpp
voll)
Brong : Kaffie (100g)




Wéi gesäit däin Ouschteree aus?
Schéck eis eng Foto op platteknuet@lgs.lu!

Iddie-Këscht

Liichterspill

AVE X



Hei eng kleng Iddi fir Owes um Weekend oder Camp witzeg Fotoen ze maachen.
Wat brauchst du:
Späizmännercher oder Täscheluuchten
Eventuell faarweg Folie oder faarweg Bechere fir verschidde faarweg Effekter ze kréien.

Ee Fotoapparat (Am beschte Spiegelreflex) Mee et gi méttlerweil och schonn Appe fir den Handy déi eng Laangzäitbeliichtung erméiglechen. (Fir Android: „Light Camera“ oder „Lenx“, fir iPhone: „Eyelike Cam“ an „Slow-Shutter-Cam“)
Ee Stativ fir de Fotoapparat oder eng Plaz, wou een e ganz roueg ka stoe loossen.

Iwwerleet iech, wat dir wëllt maachen. Fänkt vläit un, Billercher ze molen, dat ass méi einfach. Bei Buschtawen an Zuele musst dir drun denken, dass se spigelverkéiert mussen geschriwwen ginn.

Da stellt dir äre Fotoapparat an. Dir brauch eng ganz laang Belichtungszäit ongeféier 10 Sekonnen oder méi. D'Blend vum Fotoapparat soll ganz op sinn an den Iso kann een op 100 astellen. Hei kann een e bësse mat den Astellungen spille fir besser Resultater ze kréien. Hei eng Foto vun den Astellungen déi mir benotzt hunn.
Dann kann et lassgoen.

Vill Spaass beim fotograféieren!
Är Avex-Ekipp



HAPPY NEW YEAR

Spiller

Becherspill





Material:
Op mannst 6 Plastikbechere (se mussen stabil sinn)
4 Schnéier, 2-3m
1 Lastik
Ziel vum Spill ass et, d'Pyramide op där enger Plaz ofzeriichten an niewendrun erëm opzebauen.

Spill bauen:
Dir musst 4 mol mat dëse Knuet d'Ficelle-Stécker um Lastik festmaachen.
Dann baut dir eng Pyramide mat äre Bechere.

Spillen:
Dir spillt zu 4. Jiddereen hält een Enn vun der Ficelle an de Grapp, da muss jiddereen lues drun zéien, esou dass de Lastik wäit genuch auserneegeet, fir en iwwert den 1. Becher ze leeën. Wann de Lastik an der Mëtt vum 1. Becher ass, muss een d'Ficelle e bësse labber loossen, fir dass de Lastik fest ronderëm de Becher läit an dann zu 4 zesumme probéieren de Becher an d'Lut ze hiewen an niewendrun erëm ofzesetzen. Ouni de Becher ëmzegeheien, muss een de Lastik erëm auserneegeet zéien, fir dann de nächste Becher sichen ze goen. Dat geet dann sou weider bis d'Pyramide ganz geréckelt ass. Fält ee Becher ëm, da geet d'Spill erëm vu vir un.

Vill Spaass!
Är Avex-Ekipp



Aktionbound



E Spill fir mech, fir dech, fir eis a fir jiddereen

„Actionbound“ ass eng App fir eng digital Schnitzeljuegd an der realer Welt ze plangen an ze spillen.

Den Inhalt gött vum User zesummegesat, andeems een e realen Terrain als Hannergrond/Basis fir d'Spill benotzt. Dësen interaktiven a mobile Rallye nennt sech „Bound“ a setzt sech aus verschidden Aufgaben, wéi zum Beispill Koordinate fannen, eng Foto maachen, e Spill spillen etc. zesummen. Dës Aufgabe sinn un d'Spillefeld respektiv den Terrain gebonnen.

Ee Challenge fir Dech an deng Trupp, fir anere Gruppen aus dem Land fir ee Rallye ze gestalten, deen dir zesumme maachen kënn.

Vill Spaass !
CaraPio-Ekipp



Kachen um Feier

Moelleux an der Orangeschuel



Fir 10 Persounen brauch een
250 g schwaarze Schokla (52% Kakao)
150 g Botter
5 grouss Eeër
200 g Zocker
125g Miel
10g Hief
10 Orangen
Eng feier fest Schuel, Eng Schosel, e Läffel, e Messer, en Teller oder e Schnëibriet an ee Schnëibiesem



Et brauch een ee gutt waarmt Feier dat muss een direkt ufänken, fir dass d'Glous prett ass, wann een den Deeg gemaach huet.

Esou geet et:

- Botter a Schokla schmëlzen,
- Eeër an Zocker opschloen,
- d'Hief derbäi maachen,
- de geschmolte Schokla drënner réieren,
- d'Miel derbäi maachen a gutt verréieren.
- den Deckel vun den Orangen erofschneiden an se aushillegen an hallef mam Deeg fëllen. Net méi soss leeft se iwwer.
- Dann den Deckel erëm drop maachen. Lo sinn d'Orangë prett fir an d'Glous.
- D'Orangen an d'Glous stellen. Net direkt an d'Feier an se 10 min baken (evt och méi laang wann d'Glous net waarm genuch ass).

E gudden Appetit fir dech a fir jiddereen!
Avex-Ekipp



Aachterschléng



Outdoor-Kichen

Brout am Kachdëppen

Brout baken um Camp

Baken an engem Dëppe klengt villäicht komesch mee et klappt, et ass ganz interessant et schmaacht an et kann een iwwerall maachen, wou Feier ass.

Wéi geet dat :

- Du brauchts zwee Dëppen.
- Ee méi grousst mat engem Deckel an ee méi klengt, dat an dat grousst Dëppe passt, mee et dierf néierens widderkommen un deen aneren Dëppen.
- Dann leet een 3 kleng Steng ënnen op de Buedem vun dem groussen Dëppe fir dass dat klengt Dëppen net um Buedem steet mee op de Steng. Hei ass et wichteg, dass dat klengt Dëppen net uewe raus kuckt well den Deckel vun deem groussen Dëppen nach passe muss.
- Als nächst schëtt ee Waasser an dat grousst Dëppen, sou héich bis Steng ënner Waasser stinn.
- Da muss dat klengt Dëppe mat e bëssen Ueleg agefett ginn, dono leet een säin Deeg an dat Dëppen a stellt dat dann an dat grousst Dëppen, mëscht een den Deckel drop an stellt een dat ganz iwwert Feier fir +- 40 Minutten.

Rezept fir 4-6 Persounen
500g Miel / 4 Tassen
pro 100g Miel 1 EL ueleg
Salz
2 EL Hunneg oder Zocker
+/- 300ml Waasser
1/2 Pak dréchen Hief oder 5
KL Bakpulver
Den Deeg muss virum Ba-
ken eng Stonn rouen.

Tipp:

Et muss een Zäit zu Zäit Waasser nogeschott ginn, well soss verbrennt d'Brout.

Fir dass d'Brout och uewe schéi brong gëtt, muss ee Glous op den Deckel leeën.



lalux
ASSURANCES

C'est la chaussure qui fait l'allure

C'est l'assurance qui fait la voiture



LALUX est une marque du Groupe LA LUXEMBOURGEOISE

Votre **nouvelle voiture**, tout comme vos chaussures, vous permet de vous déplacer aisément et souligne votre style et votre besoin de liberté !

- Grâce aux formules '**Performance**', '**Confort**' et '**Sécurité**', **easyPROTECT-Auto** s'adapte à vos besoins personnels, vos moyens et votre voiture.
- **easyPROTECT-Auto**, c'est une couverture ultra-complète qui vous permet d'opter pour une garantie Casco sans Malus, des services d'assistance 24 heures sur 24 et le paiement par mensualisation gratuite.
- Profitez en plus de rabais exceptionnels: rabais de bienvenue pour tout nouveau client, rabais de pluralité jusqu'à 100.- € par voiture lors du regroupement de vos contrats d'assurances.

easyPROTECT-Auto, c'est votre choix de qualité ! Parlez-en à votre agent ou contactez notre service clientèle au tél. 47 61-1.

Découvrez les avantages de votre espace client

 **lalux for you** sur www.lalux.lu

lalux - meng Versécherung

ICH BIN ICH UND DU BIST DU.

WENN ICH REDE, HÖRST DU ZU.
WENN DU SPRICHST, DANN BIN ICH STILL,
WEIL ICH DICH VERSTEHEN WILL.
WENN DU FÄLLST, HELF' ICH DIR AUF,
UND DU FÄNGST MICH, WENN ICH LAUF.
WENN DU KICKST, STEH ICH IM TOR,
PFEIF ICH ANGRIFF, SCHIEBST DU VOR.
SPIELST DU PONG, DANN SPIEL ICH PING,
UND DU TROMMELST, WENN ICH SING.
ALLEIN KANN KEINER DIESE SACHEN,
ZUSAMMEN KÖNNEN WIR VIEL MACHEN.
ICH MIT DIR UND DU MIT MIR –
DAS SIND WIR.



Villäicht geet et dir och esou, wéi am Gedicht vum Irmela Brender.
An der Schoul, doheem, bäi de Scouten, oder a soss engem Club
hues du bestëmmt vill Frënn mat deene s du viles deele kanns, an
deene s du vill bedeits.
Frënn maachen engem säi Liewen einfach faarweg.

Looss deng Frënn emol eng kéier zu Wuert kommen. Wat hunn si
dir ze ginn, wéi wëllen si fir dech do sinn, wéi kënnen si dech frou
maachen ?

Si sollen hir Hand opzeechnen, se faarweg molen an dra schreiwe,
wat fir si an ärer Frëndschaft wichteg ass.
Pesch d'Hänn zu enger Blumm zesummen Du wäerts staune, wéi
faarweg a villsäiteg däi Bild gëtt.



Erwuesse Bildung
Tel. 4 47 43-340 <http://mediathek.erwuessebildung.lu>

DVD, Däitschland 1989
Dauer : 8'
Ouni Dialog
Themen : Teamaarbecht,
Kommunikatioun, Konflikter
Branche : Cara/Pio / RaRo

Zum Inhalt :
Fënn Figuren op enger
Plattform. Jiddere weess :
nëmme wann si sech alle-
guer gläichméisseg verde-
elen, bleiwen si am Gläich-
gewiicht. E Spill fänkt un,
wou bäi all Schrëtt d'Balance méi a Gefor geréit.....



DVD, Web-DVD
Dauer : 7'
Ouni Dialog
Themen : Gruppendynamik,
Kommunikatioun, Frëndschaft
Branchen : Wëllef/Avex

Zum Inhalt :
Eng déck Kou hängk op enger
Säit vun engem Mobile. Wéi
gutt hunn et dann do den Hond,
d'Schwäin, Hénger an d'Maus. Si
kënnen zesummen op der anerer
Säit vum Mobile sinn. Kou fillt
sech verlooss a wier gär mat deenen aneren zesummen. Mee wéi
kënnst si op déi aner Säit, ouni dat alles un d'Schwanke kënnst ??.....



Buschtawenzalot

a Leederspill



O	I	P	A	R	A	C	J	L	J	L	Z	I	V	R	O	B	T	O	G	R	B	R	A	S	I	L	I	E	N	K	I	E	J	J	I
D	O	C	X	A	D	I	I	D	K	G	A	M	E	L	L	E	K	D	L	F	L	I	F	O	U	F	L	F	O	T	O	D	V	U	F
D	U	U	O	R	N	G	U	O	D	S	R	Z	C	T	S	S	H	Y	J	A	M	B	O	R	E	E	S	T	G	V	A	E	T	H	J
K	J	O	G	O	E	O	N	K	P	G	L	V	J	L	K	J	H	G	O	F	D	D	H	Q	W	E	R	T	T	Z	N	Z	U	I	O
O	A	S	D	D	I	F	M	G	H	J	K	L	Y	X	C	V	B	N	T	M	Q	W	E	C	E	R	T	T	Z	O	U	I	O	P	A
M	Y	X	C	V	P	W	E	L	L	E	F	C	H	E	R	V	V	B	I	B	N	M	P	O	S	I	U	Z	D	T	R	E	W	Q	K
P	L	K	J	H	O	K	L	J	H	G	F	A	A	V	E	X	F	D	V	D	G	F	F	D	S	E	S	I	A	Y	X	C	C	V	A
A	M	N	B	V	I	C	D	B	V	C	X	M	X	Y	B	Y	Q	W	E	E	C	E	E	R	A	L	B	A	T	R	O	S	S	E	N
S	O	N	N	Z	H	U	U	U	I	O	P	P	A	S	I	D	F	G	R	H	A	I	J	K	L	Y	R	X	C	E	C	V	A	V	U
S	D	Q	W	E	T	E	N	R	T	Z	U	I	O	P	B	A	L	U	S	A	R	E	S	S	D	F	E	G	H	E	J	K	N	J	K
Y	Y	J	O	T	A	X	G	C	E	M	W	E	L	T	A	C	V	B	P	B	R	R	N	N	M	Q	L	W	E	N	R	R	D	R	T
Q	S	W	E	R	T	Z	U	I	O	P	O	A	S	D	M	F	F	G	R	G	Y	H	H	J	K	L	A	Y	X	C	V	B	N	M	O
P	S	O	I	U	Z	T	R	E	W	Q	S	K	L	K	M	J	O	H	I	H	M	O	O	T	G	F	G	D	S	A	Y	X	C	V	B
N	E	Q	W	E	R	T	Z	U	F	O	M	I	P	A	S	D	U	D	E	F	A	L	P	G	H	J	E	J	K	L	Y	X	I	C	N
C	E	V	B	V	E	L	O	N	R	M	Q	C	W	E	R	T	L	Z	C	S	T	Z	I	Z	U	I	O	P	L	K	J	L	H	G	F
D	S	A	Y	Z	E	L	T	X	I	C	V	H	B	N	M	M	A	Y	H	X	E	C	N	E	I	N	S	O	B	V	L	B	N	M	L
K	J	H	G	F	D	R	S	K	D	C	H	E	L	C	H	E	R	S	E	A	E	E	E	Q	W	E	R	T	Z	U	U	I	O	P	L
Q	W	F	E	R	T	Z	B	U	D	I	I	N	O	G	U	I	D	E	N	P	S	L	L	I	D	D	E	R	B	U	C	H	K	J	T
L	K	R	J	H	G	F	D	A	E	S	A	Z	Y	X	H	C	V	B	N	M	M	A	N	B	V	C	X	Y	R	A	S	D	F	G	H
A	S	E	D	D	P	F	G	H	N	J	K	E	L	A	P	O	I	U	N	E	I	G	R	O	E	G	Z	T	O	R	E	W	Q	M	C
N	B	N	U	O	I	S	S	E	S	D	B	L	I	V	W	C	X	Y	S	D	M	O	W	G	L	I	F	G	W	G	H	J	K	L	U
Q	W	N	E	R	Q	T	T	Z	L	U	I	T	H	E	A	T	E	R	O	O	P	L	K	J	H	G	F	D	N	D	S	A	Y	X	U
M	N	B	V	C	U	X	Y	A	I	A	I	S	D	F	G	F	G	H	U	H	J	K	L	Q	W	E	R	R	S	O	N	N	T	Z	L
O	I	U	Z	I	E	Z	T	R	I	E	W	Q	A	S	G	D	D	N	F	G	H	G	H	J	K	L	L	M	E	N	B	V	C	X	E
P	O	I	U	E	T	Z	T	T	C	R	E	W	A	W	G	Q	D	A	S	D	C	F	G	H	J	K	E	L	A	M	N	B	V	V	H
L	K	J	H	N	G	F	U	D	H	S	A	Y	K	X	S	C	V	V	B	N	S	M	P	O	I	U	D	Z	T	R	E	W	Q	A	C
H	G	F	D	H	D	O	P	O	T	E	N	R	E	T	N	I	U	Z	T	R	E	R	E	W	Q	A	U	S	D	F	G	H	J	K	S
L	K	J	H	C	C	G	F	D	S	A	Y	X	L	C	V	B	N	M	Q	W	E	F	I	E	D	E	R	U	C	K	S	A	K	K	A
P	K	I	M	S	P	I	L	L	O	I	U	B	A	L	L	L	K	J	H	G	F	D	S	A	M	N	B	V	C	X	Y	Q	W	E	T

AHORN	BRASILien	FRIDDENSLICHT	KANU	PIQUET	TASCHELUUCHT
AKELA	BRELAGE	GAMELLE	KICHELCHE	RARO	THEATER
ALBATROSSEN	BROWNSEA	GEORGIEN	KICHENZELT	RUCKSAK	UNMELDUNG
ATHIOPIEN	BULLI	GITAR	KIMPILL	RUDEL	VELO
AVEX	CAMP	GRAS	KOMPASS	SAND	VERBAND
BAM	CARAPIO	GUIDE	LIDDERBUCH	SCHNEI	VERSPRIECHEN
BALL	CARRYMAT	HAITI	LOGO	SCOUT	WAGGGS
BALU	EMWELT	INTERNET	MOOT	SEEF	WELLEFCHE
BESCH	FEIERHOLZ	JAMBOREE	MOUND	SEEL	WOSM
BIBER	FESCH	JOTA	MOWGLI	SESSIOUN	ZELT
BIDON	FIEDER	JOTI	ODYSSEE	SONN	
BOSNIEN	FOULARD	KAART	OPINEL	SONN	

Den Hugo ass um Hike a wëll esou séier wéi Méiglech zeréck op d'Campplaz bei d'Lagerfeier. Seng Chef hunn him versprochen dass et Schokolas-Banane an Marchmallows um Feier ginn.

Du brauchst fir dëst Spill: 1 Wierfel an all Spiller eng Spillfigur.



Du bass midd a muss eng Ronn aussetzen.



E Seel! Géi dem Seel no a kuck wous du erauskënns.



Boma huet sech verlaaf. Du hëllefst hier de richtigen Wee ze fannen. Géi 3 Felder weider als Belounung.




Du begéins engem Déif a verstopps dech. Géi 4 Felder zeréck.



Du hues eng Leeder fonnt a bass virwëtzeg. Klamm erop fir ze wëssen wous du erauskënns.



Lagerfeier! Du bass ukomm.



SVE a Georgien

En Témoignage vu Christophe Klares



D'Rees a Georgien huet mat enger spontaner Decisioun Ufank 2015 ugefaangen, nodeems ech zoufälleg iwwert een Opruff an der Scoutsmail gefall sinn (ass puer mol ganz interessant, sollt een ëfters mol duerchliesen): EVS a georgische Scouts Center zu Rustavi fir 6-9 Méint gesicht. Georgien war mer schonn ee Begrëff no dem Odyssees Projet 2013 an no de ville positiven Andréck vu ville vun de Participanten. EVS (European voluntary service) war mer zu deem Zäitpunkt nach net bekannt an och als ech bis a Georgien war, goufen et nach Onkloerheeten.

Als EVS reest een an een anert europäesch Land oder Partnerland (wéi Georgien, aner Ost-europäesch Länner, respektiv Nordafrikanescher). D'Organisation, déi sech ëm ee këmmere soll, muss engem Wunneng, Täschegeld an Aarbecht zur Verfügung stellen. Een geet an ee friemt Land schaffen, ouni weider Onkäschten, ka kreativ Projekte realiséieren an der Organisation hëllefen. Ganz no Kompetenzen a Wënsch. Praktesch gesi kann ee fir 1-2 Méint Short-term Volunteering maachen, oder 3-12 Long-term. Am Ganzen net méi wéi 12 Méint, a wann een iergendeng Form vu Long-term unhëlt (manner wéi 12) verfallen déi restlech Méint.

Dat war mer natierlech net bewosst, als ech mech gemellt hunn. Dohier goufen 8 Méint envisagéiert. Kum ukomm, steet de Wanter schonns virun der Dier, ee gewësse Work-flow huet ugefaangen, eng Rëtsch Experienze gesammelt a Frëndschafte geschloss mat Georgien, Armenier a Leit aus allen Richtunge vun der EU an nëmmen nach 4 Méint hei ... D'Aarbecht selwer dréint sech gréisstendeels ëm futur Wëllefcher, AvEx a Pio (deen Alter op alle Fall) a perséinlech bidden ech Outdoor Activities an Engleschen Debat Klub un. All Aktivitéit geschitt gréisstendeels no der Scoutsmanéieren, also informell. Mat Spill a Matschaffe lafen all Coursen of. Ufanks dës Joer hat ech mech gemellt fir Sproochencoursen ze ginn a meng

Scoutsexperienze weiderzeginn. Ofgesi vum Scoutscamp am Eco-Village zu Pona ass dann awer net vill geschitt fir gutt 3 Méint. Vue dass de Center awer nach net vill Experienze hat mat EVS an de georgischen Aarbechtsrhythmus generell e bësse méi lues ass, ass et eenegermoosse verständlech dass alles seng Zäit braucht. Georgesche Sproochcourse goufe mer och ugebueden, allerdéngs mat Pause vun 1-2 Méint. Et ass awer onrealistesche ze mengen, dass ech des Sprooch jeemools fléissend schwätze kéint.

Wat léisst sich iwwert Georgien selwer soen? D'Land ass Deel vum Kaukasus, nördlech vum Iran an direkten Noper vu Russland. Klimatech gëtt et alles, vu praktesch Wüst - et gëtt souguer een Duerf dat Udabno ჟღაბნო, Wüst heescht - enorm Bierger mat Gletscher, Küsteregion, Sumpf... Och waren se vun Ufank bis Enn Deel vun der Soviet Union mat engem relativ schlechten Ausgang, well territorial Contestatiounen zur Partitioun vun Abkazien a Süd-Ossetien gefouert hunn. Georgien erhuet sech awer nees dovunner; d'Sécherheet ass gréisstendeels garantéiert iwwerall am Land. Rural Traditionen sinn oft nach net ganz developpéiert (besonnesch wat Hochzäiten ugeet), mee Gaaschtfreundlechkeet ass ganz grouss geschriwwen an d'Leit invitéieren een ëmmer gären op een lessen oder ee Glieschen hausgemaache Wäin.

Fir Leit déi Fräiwëllegendéngscht maache wëllen, kann ech Georgien nëmme wäermt un d'Häerz leeën. Wann ee mol net reesen oder schaffe kann, gëtt et ëmmer eng Plaz wou ee wëllkomm ass. Keen vun den aner EVS, déi ech bis lo begéint hunn, bereien et heihi komm ze sinn.



Bienvenido en Bolivia

Xavier Krein als Volontaire zu Cochabamba



D'ONG Guiden a Scouten fir ENG Welt ass vum SNJ agreéiert als Organisation d'Envoi fir de Service Volontaire de Coopération. Mir bidde Jonk Erwuessen d'Méiglechkeet fir eng bestëmmten Zäit an ee vun eisen Entwécklungsprojete mat eise lokale Partner zesummen ze schaffen. Fir méi Informatiounen iwwert de Fräiwëllegendéngscht kënnt dir eis e Email schreiwen un contact@ongd-lgs.lu.

Der Xavier ass bis März 2016 bei eise Partner Fundacion Cristo Vive Bolivia am Asaz. Hei fënn dir eng kleng Beschreiwung vu sengen Aktivitéiten zu Cochabamba.

En klengen Abléck a mäi Volontariat

Säit dem 1. Oktober 2015 maachen ech mäin Volontariat am Internat Musuj K'anchay, och „Nei Luucht op Quechua“ genannt. An deem Internat treffen sech jonk Erwuessener aus verschiddenen Ecker vu Bolivien zesummen. Hiert Ziel ass ganz kloer: Verbesserung vun hire Liewenssituatioun duerch Educatioun. En Zesummestouss zwëschen verschiddenen Kulturen a Liewensperspektive kontrolléieren dagdeeglech d'Liewen an deem Internat, wat net nëmme positiv Momenter mat sech bréngt, mee deelweis Tensiounen op verschiddenen Ebenen, wéi Schüler/Schüler, Schüler/Equipe oder Equipe/Equipe.

Aus deene bal 6 Méint Volontariat, hunn ech mer 1-2 Méint Zäit gi fir mech anzeliwen, fir déi verschidden Dynamik kennenzelären, mee fir och en Feeling fir d'Sprooch ze kréien. Och wann ech mech mat der Sproch erëm-schloen, schränkt mech dat net an a menger Aarbecht mat de Jugenden an der Equipe, zu där ech mech ganz kloer zielen. Duerch meng Formatioun an der Psychologie kann ech scho méi konkret schaffen.



Bewosst dat meng Educatioun a mäin kulturelle Background radikal verschidden si vun deenen aus Bolivien, ginn ech an de Reunione mäin Feedback zu den Observatiounen an Astellungen déi ech a menger Aarbecht maachen. Et ass och net schlëmm, wat aus mengem Propositione gemaach gëtt.

Säit 1-2 Méint leeft och mëttlerweil mäin perséinlech Projet „Apadrinamiento“ (Patenschaft) un. Konkret bedeit dat dat Schüler, déi scho méi laang am Internat liewen, sollen hëllefen deenen Neien sech ze integréieren am Internat, wei d'Hëllef bei den Hausaufgaben, oder Mediation zwëschen der Equipe an de Schüler. Duerch des Method iwwerhuelen déi verschidden Partië Responsabilitéiten, leieren sech selwer kennen, an Toleranz zwëschen de verschiddenen Kulturen. Zudem, huet de Projet gudder Réckhaalt vu mengem Aarbechtskollege kritt. Ech realiséieren och verschidden Filmprojeten, déi ënnertenaner den Donneure weise soll, wei Liewen am Internat ofleef. Et ass vill Eegeninitiative verlaangt, wat menger professioneller, awer och perséinlecher Entwécklung zu gutt kennt.

Wat déi restlech Zäit ubelaangt déi mer nach bleift, kucken ech dat ech souvill wei méiglech Informatiounen an Experienze absorbéiere wei et gëtt, sou dat ech vu mengem Volontariat dat héchst erausschloe konnt.

Kuckt och op eise Facebook Site de Video den hien am Internat gemaach huet!
www.facebook.com/ONGD-Guiden-a-Scouten-fir-ENG-Welt



BOLIVIEN

NIGER

SENEGAL

«Don Commioun 2016»
CCPL LU54 1111 0882 8010 0000

“Déi nei Still fir d'Spillschoul vu Cochabamba
si mat Ärer Hëllef an den Atelieren vun der technescher
Schoul vu Sayarinapaj entstan...”

Well mir eng staatlech unerkannten ONGD si, kann all Don steierlech ofgesat ginn.

Eng Odysse

a wéi si entsteet ... Suite



Preparatioun vun der Odyssee 2016

November 2015: Mir treffen ons op dem Prepa 1 Weekend um Neihaischen. 150 Leit sinn ze vill, fir en uerdentleche Weekend ofzehalen. Dofir hu mir ons op 2 Weekender opgedeelt. Bosnien a Brasilien haten hire Prepa1 den 21-22.November an Äthiopien, Georgien an Haiti hu sech den 27.-28.November getraff.

Prepa Weekend

Jiddereen, deen op e Projet geet, muss sech dorop preparéieren. Dofir treffen si sech op 2 obligatoresche Weekender, wou si Informatiounen iwwert dat Land kreien, wou si hi ginn, iwwert Hygiène a Medezin um Projet, d'Bauen a Schaffen um Projet,...

November bis Juli: Déi eenzel Projekte treffe sech fir z.B. Keele spillen ze goen oder lesse ze goen an sech esou besser kennenze léieren.

Dezember bis Abrëll: Delegatioune vun de Projeten maachen eng Visite op der Plaz vun hirem Projet, fir zesummen mat hirem Partner, intensiv de Projet ze plangen.

20. Februar: De Splash, dee mir organiséiert hunn, fir ons Projekte finanziell z'ënnerstëtzen.

Januar bis Abrëll: All Projet huet eleng de Prepa 2 fir sech nach besser op den eegene Projet virzubereeden.



Haiti

28 Leit, 18 RaRo an 10 Leit Staff zesumme mat haitianesche Scouten renovéieren eng Schoul, riichten eng Spillplaz op an planze Beem géingt d'Erosioun.



Bosnien

19 Leit, 12 RaRo a 7 Leit Staff bauen eng Reithal fir therapeutesch Zwecker op enger Farm mat Hëllef vu bosnesche Scouten rëm op.



Georgien

34 Leit, 26 RaRo an 8 Leit Staff maachen zesumme mat georgesche Scouten en Ausbau vum „Youth Eco Village“, dee während dem Projet 2013 geschafte gouf.



Brasilien

27 Leit, 19 RaRo an 8 Leit Staff bauen zesumme mat brasilianesche Jonken, Kllassesäll vun engem Centre de Formatioun, deen als Primärschoul/Crèche genotzt gëtt.



Äthiopien

35 Leit, 27 RaRo a 8 Leit Staff bauen d'Infrastruktur vun enger Campplaz mat Duschen, Toiletten an engem Versammlungsall zesumme mat äthiopesche Scouten.




Formationen

2015-2016



STIP 2015-16 Biber

Vum 5. bis den 8. November 2015 hu 17 Chef um STIP bei de Biber ënnert dem Thema „Peter Pan“ deelgehol. 4 Chef waren op de Methodendag komm.



CaraPio STIP 2015

De CaraPio STIP 2015 war dest Joër vu Freideg den 30. Oktober bis de Méindeg 2. November 2015 an eise Turbo-Schlecken-Formationszentrum (Géisserei).

14 Kandidaten an de Schleek 'George' waren ganz motivéiert ënnert dem Thema "Wann s du scho schwätz, da schwätz och mat", nei Erfahrungen ze sammelen, sech auszetauschen a natierlech matzeschwätzen.



STIP 2015-2016 Wëllefcher

Vum 29. bis den 31. Januar 2016 hu 44 Chef um STIP bei de Wëllefcher um Neihaischen deelgehol.



PS-Weekend um Neihaischen

Vum 23. bis den 24. Januar 2016 hu 46 Chef um perséinlech-spirituelle Weekend um Neihaischen deelgehol. Um Programm stoung Wanderung, Mandala an Temoignage vun den Invitéen.



Scout toujours, même sur ta carte bancaire !



Dès à présent, commande ta carte bancaire BIL gratuite et personnalisée aux couleurs du LGS sur www.bil.com ou en agence.

Retrouve-nous sur   



Cette offre est soumise à conditions.
Renseignements sur www.bil.com ou en agence.

Vous avant tout

Banque Internationale à Luxembourg SA, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-6307

(+352) 4590 – 3000 www.bil.com



Bealtaine

FESTIVAL CELTIC



14.-15. Mee 2016 um Neihaischen

bealtaine.lgs.lu




Les Librairies Libo,
la bonne piste
pour vos livres.

Libo. Liesen erliewen.

LUXEMBOURG 11, rue du Fort Bourbon L-1249
GREVENMÄCHER 24, route de Trèves L-6793
DIEKIRCH 2-4, rue de Brabant L-9213
WILTZ 20, Grand-rue L-9530

LIBRAIRIE PAPETERIE
WWW.LIBO.LU

Dîner de Bienfaisance le 29 avril 2016 à 19h30

«An der Schéiss»

 avec Léa Linster, Xavier Bettel,
Etienne Schneider, Felix Braz

L'intégralité des bénéfices de la soirée est destinée à la réalisation du projet de coopération avec les scouts du Niger.
Prix (plats, apéritifs, vins, eaux, café et digestifs compris): 95 €
Réservation jusqu'au 17 avril 2016 par téléphone au n° : 26 94 84

ou par e-mail: umeldung@lgs.lu.
Chaque réservation doit être accompagnée d'un virement sur le compte BIL LU96 0029 0100 0002 3100 des Lëtzebuerger Guiden a Scouten - Mention: Dîner 29 avril 2016 & Nom/Prénom



De Shop

5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg
Tel. 26 94 84 31, Fax 26 94 84 32
www.lgs.lu/shop, shop@lgs.lu

Dë: 15.00-18.00
Do: 15.00-19.00
Sa: 09.00-12.00
De Shop ass an de
Vakanzen zou!

(d)eng B. A.

Chrëschtkaarte fir de gudden Zweck

Mir, d'Biber a Wëllef vum Grupp St. Cunibert Réimech, hu während eise Versammlungen am November ronn 330 Chrëschtkaarte gebastelt, déi fir de Gudden Zweck am Kader vun eise Adventsverkauf verkaf goufen. Den Erléis aus dëser Aktioun kënn der Odyssee vun de RaRo zegutt. Sou konnten och mir eisen Deel zum Gelénge vun hire Projekte bäidroen.

Réimecher Biber a Wëllefcher, Grupp St. Cunibert

Hei kann och deng/är B. A. stoe kommen.

Schéckt eis eng Foto an en kuerzen Text op platteknuet@lgs.lu!



Impressum

LGS Zeitung- N°2, 2015/2016
Zäitschrëft vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten, kënn 3 mol am Joer eraus.
Redaktioun a Mataarbechter vun dëser Nummer :
Zeitungsekipp, Branchenekipp, d'Team, Verbandssekretariat&Safab, PR-Ekipp, lokal Gruppen
Fotografen : LGS, lokal Gruppen, PR-Ekipp
E grouse Merci, deenen, déi zu dësem Platte Knuet bäigedroen hunn !
Editeur :
Lëtzebuurger Guiden a Scouten
5, rue München-Tesch
L-2173 Luxembourg
www.lgs.lu
Contact : platteknuet@lgs.lu
Dréckerei :
Print Solutions
Gedruckt op 100% recycléierte Pabeier
Oplo : 4500 Stéck

Save the date!

30. Mäerz–6. Abrëll STAP Formatiounscamp	23. Abrëll Kanu-Dag fir all Chef/taine	24. Abrëll JoCaPi
29. Abrëll Benefiziessen fir den Niger Lëtz.-Stad / Schéiss	30. Abrëll Biber a Wëllefchersandacht	05. Mee Bilschdrefer Kiermes
27.–29. Mee Iron-Scout	14.–15. Mee Bealtaine Keltefestival	5. Juni Wëllefchersrallye
11. Juni Absurdcup	16. Juni European Guide and Scout Conferences zu Oslo	18. Juni BiberMud

Exp.: Lëtzebuurger Guiden a Scouten

Luxembourg
Port payé
P/S.400

www.lgs.lu